de Budget 2027

Fir d'Leit.
Fir Opschwong.



Ried vum Finanzminister Gilles Roth
07.10.2026

*Seul le texte prononcé fait foi

1. Introduktioun : Fir d'Leit. Fir Opschwong. 4
2. Internationaalt Ëmfeld a wirtschaftleche Kontext 6
2.1. Internationaalt Ëmfeld 6
2.2. Gesamtwirtschaftleche Kontext 7
3. Eckdate vum Budget 10
3.1. Gesamtstaat 10
3.2. Zentralstaat 11
3.3. Sécurité sociale 12
3.4. Gemengen 12
3.5. Staatsschold 13
4. Konklusiounen vun der Budgetspolitik 14
5. Prioritéite vum Budget 2027 21
5.1. Ee Budget fir de sozialen Zesummenhalt 21
5.1.1. Resilienzpak 21
5.1.2. Mateneen. Fir all Famill. Fir all Kand. 22
5.1.3. Fir déi sozial Schwaach. 24
5.1.4. Educatioun a Kannerbetreiung 25
5.1.5. Fir d'Studenten an Doktoranden 26
5.1.6. Aarbecht 26
5.1.7. Kultur 28
5.1.8. Sport 29
5.2. Ee Budget fir méi a besser Infrastrukturen 29
5.2.1. Méi Wunnengsbau 29
5.2.2. Méi Mobilitéit 32
5.2.3. Fir méi Digitaliséierung 35
5.2.4. Fir eng besser Gesondheetsversuergung 36
5.2.5. Kuerzfristeg méi Schoulgebaier 38
5.3. Ee Budget fir ee wettbewerbfäegt Lëtzebuerg 39
5.3.1. Finanz- a Wirtschaftsdiplomatie 39
5.3.2. Finanzplaz 40
5.3.3. Steierpolitik 40
5.3.4. Mat Investitiounen an Zukunftstechnologien 42
5.3.5. Space-Secteur 43
5.3.6. Mat méi Ënnerstëtzung fir eis PME an d'Handwierk 44
5.3.7. Landwirtschaft 45

5.4. Ee Budget fir een nohaltegt Lëtzebuerg 45
5.4.1. Fir méi Klima- an Emweltschutz 46
5.4.2. Fir méi Energietransitioun 46
5.4.3. Nohaltegt Wunnen 46
5.4.4. Nohalteg Mobilitéit 47
5.5. Ee Budget fir ee staarke Staat a méi Sécherheet 48
5.5.1. Sécherheet 49
5.5.2. Police 49
5.5.3. CGDIS 50
5.5.4. Sécherheet och an der Welt 51
5.5.5. Entwécklungshëllef 52
6. Konklusioun 53

1. Introduktioun : Fir d'Leit. Fir Opschwong.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

- **Fir d'Leit. Fir Opschwong.**

- Duerfir steet **dëse Budget.** Duerfir steet **eis sozial Finanzpolitik**. Duerfir steet **dës Regierung.**

- Duerfir steet och de **Lëtzebuerger Modell** dee **wirtschaftlechen Erfolleg** a **soziale Fridden zesumme bréngt**.

- Ee Modell deen **eis staark gemaach** huet. Ee Modell, deen **d'Land zesummenhält.**

- Andeems mir **Aarmut bekämpfen**. Andeems mir déi **breet schaffend Mëtt stäerken**.

- Andeems mir duerfir suergen, datt de **soziale Lift och muer funktionéiert**.

- Andeems mir eise **Betriber ee gutt Ëmfeld** schafen.

- **Eise Mateneen** ass eise **gréisste Standuert-Virdeel** an enger **Welt vum Géinteneen**.

- Duerfir **investéiere** mir op **Rekordniveau an d'Leit, an de Sozialstaat,** an **eis Wirtschaft.**

- Dëse Budget **liwwert méi Kafkraaft, méi Entlaaschtung, méi Netto vum Brutto.**

- **Grad elo**. Wou de **vollen Akafsweenchen** an de **vollen Tank méi deier ginn.**

- Duerfir hu mir scho virun der Tripartite, vun 2024 bis 2026, d'**Akommes** vun de Leit **däitlech gestäerkt**.

- Duerch d'Upassung vum **Steiertarif**. Duerch den **Index**. Duerch d'Erhéijung vum **Mindestloun - steierbefreit**.

- An ech soe ganz **kloer**: fir dës Regierung ass a bleift den **Index a Stee gemeesselt**.

Här President,

- Dëse Budget féiert dës Politik weider**. Fir all d'Leit. Fir all Famill. Fir all Kand.**

- E Budget, deen de **Wee fräi** mécht fir d'**Steierreform mat enger eenheetlecher Steierklass.**

- Eng grouss **Gesellschaftsreform**, déi d'Leit **entlaascht**. Déi virun allem **der Realitéit** vun haut entsprécht.

- Gekoppelt u méi **Kannergeld a méi Familljenzoulagen**. U méi **Invest an d'Betreiung** vun de Kanner.

2. Internationaalt Ëmfeld a wirtschaftleche Kontext

2.1. Internationaalt Ëmfeld

- ***Här President,***

- Mir maachen dëse Budget **net an engem Vakuum.**

- **25 Joer no „9/11"** liewe mir **weider** an **onsécheren Zäiten.**

- **Geopolitik a Geoekonomie** feieren hire **Comeback**. An eng **Muechtpolitik**, déi vill schonn **1989 aklasséiert** haten.

- Nach ëmmer **Krich op europäeschem Buedem.**

- Spannungen am **Mëttleren Osten.**

- **D’Strooss vun Hormus** blockéiert – mat direktem **Impakt** op **d’Nei Avenue heiheem**.

- Op **d‘Energiepräisser.** Op **de Wuesstem.** Op **d‘Betriber. An um Enn** op de **Portmonni vun de Leit.**

2.2. Gesamtwirtschaftleche Kontext

- Dës **onsécher Weltlag dréckt** net nëmmen op **d’Gemidder**. Och op de **Wuesstem**.

Wuesstemszuelen

- Laut **Internationalem Wärungsfong** wiisst d’Weltwirtschaft 2026 liicht **manner**.

- **+3% 2026. +3,4% 2027.** No engem duerchschnëttleche Wuesstum vu +3,5% 2024-2025.

- **An der Eurozon ass d’Bild méi schwaach.**

- **2026** ee Wuesstum vu **just 0,9%.** 0,5%-Punkte manner wéi 2025.

- Fir **2027** läit d’Prognos bei **1,2%.**

- Och **Lëtzebuerg bleift** vun dëser méi schwaacher Dynamik **net verschount**.

- De **STATEC** rechent fir **2026** mat engem **Wuesstum vun 1,2%. 0,8%-Punkte manner** wéi beim Budget 2026 virausgesot**.**

- Fir **2027 gi ronn 1,9% erwaart. 0,4%-Punkte manner** wéi beim Budget d'lescht Joer virausgesot.

- **Ënnert der Moyenne** vun 2,8% fir d'Joren 1995-2025.

Inflatioun

- Bei der **Inflatioun** ass d'Bild, Stand haut, **méi positiv.** Mä och mat **Onsécherheete** verbonnen.

- Nach am **Fréijoer** ass de **STATEC** vu bis zu **4% Joresinflatioun** ausgaangen. Fir 2027 2,4%.

- Elo läit d'Prognos fir **2026** bei **1,8%. A bei 2,1% fir 2027.**

- **Een däitleche Réckgang. Och duerch de Resilienzpak** deen an der leschter Tripartite ugeholl gouf.

- Mä **d'Situatioun ass onbestänneg**. Mat engem neien Unzéien am September. An der Eurozon an och zu Lëtzebuerg.

- A mat **Auswierkungen** op **d'Geldpolitik** vun der **Europäescher Zentralbank**.

Aarbechtsmaart

- Den **Emploi klëmmt vu +1,7% 2026** op **+1,9% 2027. Méi dynamesch** wéi virausgesot.

- **Positiv Zuelen** och **iwwer 2027 eraus**.

- Laut STATEC och erëm **méi Astellungen am Interimssecteur.**

- **+10% am éischten Trimester 2026** op ee Joer gekuckt. **No Réckgäng** zanter Enn 2022.

- Hinne komme mer entgéint mat enger méi **niddreger forfaitairer Besteierung.**

- **Lëtzebuerg** bleift **attraktiv**. Mä mir däerfen eis **näischt virmaachen**.

Chômage

- De **Chômage bleift héich. Ze héich. 6,3% 2026 an och 2027**.

- Méi héich ewéi nach am leschte Budget virausgesot.

- Duerfir klammen och d'Ausgaben am **Beschäftegungs-Fong**.

3. Eckdate vum Budget

Här Präsident,

- Zu den **Eckdate** vum previsionnelle Budget – no europäesche Comptabilitéitsreegelen.

3.1. Gesamtstaat

- Mir schléisse **gesamtstaatlech** 2027 mat engem **Defizit vu 570 Milliounen Euro of**. -0,6% vum PIB.

- **No geschaten -1,1% vum PIB fir 2026.**

- **Eng positiv Tendenz** also**.**

- An enger Period mat schwaachem Wuesstum an héijen Investitiounen bleiwe mir domadder däitlech **ënnert de Maastricht-Krittären.**

3.2. Zentralstaat

- Och am Zentralstaat fir 2026 eng **liicht Verbesserung am Verglach mat 2025**.

- No 9 Méint een Defizit vun 339 Milliounen Euro.

- Jo d'**Einname lafe gutt**: +9,9% am Joresverglach.

- Ma och **d'Ausgaben**, Stand haut, op engem héijen Niveau: +8,9%. Mat enger Tendenz no ënnen.

- An trotz allem hu mer **ee positive Schéiereffekt.** An, Stand haut, ee **geschaten Defizit vun 1,89 Milliarden Euro** fir dëst Joer.

- Fir **2027 Einnamen an Héicht vun 33,9 Milliarden Euro**. Ee **Plus vun 2,1 Milliarden Euro** respektiv +6,7%.

- **Viraussichtlech Ausgabe vun 35,8 Milliarden Euro**. Ee **Plus vun 1,8 Milliarden Euro**. +6,5%.

- Doduerch een **Defizit vu ronn 1,9 Milliarden Euro 2027.**

3.3. Sécurité sociale

- Fir 2027 rechne mir mat engem **Iwwerschoss vun 920 Milliounen Euro.**

- **305 Milliounen Euro méi** wéi d'lescht Joer virausgesot.

- Bedéngt och duerch **méi Transferten** aus dem **Staatsbudget**. +11,1% am Verglach zu dësem Joer.

- Dorënner, 168 Milliounen Euro méi fir **d'Pensiounsversécherung** an 89 Milliounen Euro duerch ee **méi héije Cotisatiounstaux an der Krankeversécherung.**

- An ee **Plus vun 39 Milliounen Euro** zanter dësem Joer aus dem Staatsbudget **bei der Assurance maternité.**

3.4. Gemengen

- Op Gemengenniveau : No engem geschate Solde, Stand haut, vu -112 Milliounen Euro dëst Joer.

- Elo e **Plus vu 459 Milliounen Euro fir 2027**. +0,5% vum PIB. Gedriwwen duerch **méi Einnamen** an der **Gewerbesteier** an der **Dotatioun vum Staat**.

3.5. Staatsschold

- D'**Staatsschold bleift ënnert 30% vum PIB**.

- Bis **Enn vun dësem Joer** geet d'Schold op 29,3% erop. Dat duerch **een neien Emprunt** dëse Mount.

- Duerno eng liicht **Tendenz no ënnen.** Viraussichtlech **28,6% am Joer 2030**.

- Mir hu **finanzielle Spillraum. A notzen e bewosst**.

- Fir d'Leit. Fir d'Wirtschaft. Fir d'Land.

- Den Emprunt, dee mir erausginn, baséiert **op der Blockchain Technologie**.

- Dat ganzt **iwwert eng Lëtzebuerger Plattform**, **ënner Lëtzebuerger Recht**.

- **Eng Première**, déi **op en Neits d'Kompetenz vun eisem Land an den digitale Finanzen ënnersträicht**.

4. Konklusiounen vun der Budgetspolitik

Här President,

- Ee Budget ass **ni nëmmen eng Zuelentabell**.

- Ee Budget ass och ëmmer eng **politesch Entscheedung**.

- Wat mécht een an enger Zäit **vun Onsécherheet**? Wou d'Bierger den **Drock am Alldag spieren**.

- Eis **Äntwert** ass kloer: mir **investéieren**; mir **entlaaschten**; mir **stäerken d'Kafkraaft**; mir **stäerken d'Betriber**. A mir halen **d'Staatsfinanzen ënnert Kontroll**.

- Dat ass **anti-zyklesch Politik**.

- **Anti-zyklesch** heescht näischt anescht wéi **Pro-Leit a Pro-Opschwong.**

- **Konkret** heescht dat: Fir de Gesamtstaat **ee liichten Defizit vu 570 Milliounen Euro. -0,6% vum PIB**.

- **Wäit wech** vun den 2,2 Milliarden Defizit a -2,2% vum PIB aus der Nott déi de Formateur am Oktober 2023 beim Opstelle vun der Regierung krut.

- Am Zentralstaat fir 2027 een **Defizit vun 1,9% vum PIB.**

- Ee **bewosst agesaten Handlungsspillraum** an onsécheren Zäiten.

- An Zäite vu Polykrisen, ee **kontrolléierten Defizit**.

- An **näischt aneschters** ewéi dat wat **viregt Regierungen** a **schwieregen Zäite** gemaach hunn – och dat gehéiert zum **Lëtzebuerger Sozialmodell**.

- Zum Verglach:

- No der **Finanzkris louch** den **Defizit 2009** beim Zentralstaat bei ronn **2%**.

- **2020**, nom Ausbroch vun der COVID-Pandemie, bei **4,6%**.

- **Manner Defizit** och wéi am **Pluriannuel deen am Dezember 2022** fir d'Joren **2024 bis 2026** gestëmmt gouf.

- **2027 ronn 700 Milliioune manner Defizit** wéi am Oktober 2023 bei Regierungsuntrëtt virausgesot.

- An domat **däitlech ënnert de prognostizéierten 2,7 Milliarden** Defizit beim Zentralstaat aus der Note un de Formateur.

- Trotz **Rekordinvestitiounen vun iwwer 4,5 Milliarden Euro. 4,4% vum PIB.**

- Dat, trotz der **Ëmsetzung** vum **nationalen Aktiounsplang géint d'Aarmut** mat 400 Milliounen Euro méi pro Joer. Dovunner 152 Milliounen Euro beim Kannergeld.

- Dat, trotz Méi-Ausgaben am **Fonds pour l'emploi**: +206 Milliounen Euro.

- Dat, trotz **Méi-Ausgabe fir d'Pensiounsversécherung:** ee Plus vun 168 Milliounen Euro 2027.

- Dat, trotz der **Reform vum Chèque service accueil** an dem Betreiungschlëssel: +119 Milliounen Euro.

- Dat trotz **méi héije Militärausgaben**: nach eemol 116 Milliounen Euro op déi 1,27 Milliarden Euro aus dem lafende Joer.

- An dat trotz **Resilienzpak**, deen **an der Tripartite am Juni dëst Joer decidéiert gouf**.

- Jo eis **Ausgabe** wuessen **2027 ëm ronn 6,5%.**

- Well mir **bewosst an d'Leit an an d'Zukunft vum Land investéieren**.

- Well mir **d'Kafkraaft vun de Bierger** weider stäerken. Well mir weider an eis **Betriber, an d'Handwierk, an de Bau, an de Logement an an eis Infrastrukturen** investéieren.

- A mir kënnen eis dat erlaben. Well eis **Einnamen sech positiv entwéckelen.**

- Well d'Regierung fir eng kompetitiv Wirtschaft suergt.

- **Haaptdreiwer** ass eis **Finanzplaz**. Mat **40% vun den direkte Steieren** 2025. Eng Tendenz déi och 2026 gëllt. An doriwwer eraus.

- **Mat elo scho positiver Entwécklung bei eisen Investment-Fongen**. Mëttlerweil iwwer 9.000 Milliarden Euro déi op eiser Finanzplaz geréiert ginn.

- Nobäi 20% méi wéi virun 12 Méint. **Ee Plus vun 1.500 Milliarden Euro** op ee Joer gekuckt.

- **Ronn 5.700 Milliarden Euro a sougenannten UCITS-Fongen**. Een **neien historesche Rekord**.

- An nach eemol **3.300 Milliarden Euro an alternative Fongen.**

- **Gutt Resultater och bei eise Banken**. +5,4% viru Provisioun a Steieren op ee Joer gekuckt.

- **Keen Zoufall**. Och d'**Resultat, ënnert anerem, vun eise Finanzmissiounen**. Vun **Innovatioun a Vertrauen an eise Standuert**.

- Mat rezent enger **weiderer Bank, der brasilianescher ITAU**, déi gréisste Bank a Latäinamerika**.** Donieft **aner nei Acteure** wéi **Coinbase, PayTM, Lloyds, Standard Chartered, Bytedance.** An och etabléiert Acteuren, **wéi d'Intesa Sanpaolo Bank** respektiv **Ant Financial,** déi hir **Präsenz kierzlech zu Lëtzebuerg ausgebaut hunn. Dëst si just e puer Beispiller.**

- Elo schonn **op Enn September 3,3 Milliarden Euro** Einnamen aus der **Kierperschaftssteier**. Ronn **600 Milliounen Euro méi wéi d'lescht Joer** ëm dës Zäit. +21,4%.

- Fir 2027 25% méi **Kierperschaftssteier**. Mir bréngen d'Avancë méi no un déi reell Situatioun vun de Betriber.

- Ronn 25% méi **Gewerbesteier**. Gutt och fir **eis Gemengen.**

- An och méi Taxe d'abonnement schonn dëst Joer. Mat iwwer 1,1 Milliarden Euro ee Plus vun 106 Milliounen Euro am Joresverglach. +10,5% no den éischten 3 Trimesteren dëst Joer.

- Bei der TVA elo no 9 Méint 4,7 Milliarden Euro Einnamen. Ee Plus vun 340 Milliounen Euro op ee Joer gekuckt. A +7,8%.

- An och de **Bau leet – laut Statec, tendenziell zou**.

- **Donieft méi Einnamen och um Tubak**. **D'Akzisentaux'en op den Zigarette** klammen d'nächst Joer ëm ronn **8%**.

- Doduerch **an der Moyenne** eng **Hausse vu ronn 6%** tëscht 2024 a 2027. Däitlech **méi wéi déi ronn +2,8% déi lescht Legislatur**.

- An nach eemol **+12% bei den Akzisen um staarken Alkohol**.

- Alles an allem rechne mir mat engem **positive Schéiereffekt fir 2027.**

De PIB vum Wuelbefannen

- **Ee Budget „Fir d'Leit“** hält net beim Wuelstand op. „**Fir d'Leit“** geet beim **Wuelbefanne** weider.

- Duerfir hu mir de **Budget** nom Modell vum **PIB vum Wuelbefanne** weiderentwéckelt.

- De **Léierprozess geet weider**. Mat weiderhi **6 Indicateuren**. Fir d'**Vergläichbarkeet**.

- Dëst Joer ee **Schrëtt méi wäit** mat **verfeinerter Methodologie**.

- Fir 2027 komme mer esou op **6 Milliarden Euro. 24% méi wéi 2026. 6% vum PIB.**

- Dovunner **4,3 Milliarden Euro géint den Aarmutsrisiko. 654 Milliounen Euro géint ze héich Wunnkäschten. 630 Milliounen Euro fir d'Beschäftegung.**

- Méi Transparenz an ee bessere Suivi och mat der **Gestion par objectifs.**

- Deemno **eng Budgetspolitik**, déi sech ëmmer méi un de Resultater orientéiert.

5. Prioritéite vum Budget 2027

5.1. Ee Budget fir de sozialen Zesummenhalt

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

- **Fir d'Leit. Fir Opschwong.** Dat sinn déi **grouss Prioritéite** vun dësem **Budget**.

- E **Bierger-Budget** fir eise **Lëtzebuerger Modell. Fir sozialen Zesummenhalt.**

5.1.1. Resilienzpak

- Mam **Resilienzpak aus der Tripartite vum Juni** dëst Joer hu mir op **d'Präisdeierecht reagéiert. Ouni Gefummels um Index.**

- Ronn **450 Milliounen Euro** fir d'Leit an d'Wirtschaft ze entlaaschten.

- **Entlaaschtunge** beim **Benzin, Diesel, Gas, Mazout a Stroum bis Enn 2026.**

- Mat engem **neie Konjunktur-Steierkredit** vu 70 Milliounen Euro. Réckwierkend op den 1. Juni 2026. Vun 2027 un am Steiertarif integréiert.

- A mat **méi Netto vum Brutto fir de Mindestlounempfänger**. +200 Euro méi Netto vum 1. Juli 2027 un.

- An dat no zolitten Entlaaschtunge schonn an de Joren 2024 an 2025. Bis 2027 eng **Gesamtentlaaschtung vum Steiertarif ëm iwwer 20%**. 7,5 vun 10 Indextranchë sinn domat berengegt.

5.1.2. Mateneen. Fir all Famill. Fir all Kand.

Här President,

- **D'Familljen** – eng **Haaptprioritéit** vun dësem Budget.

- Mat der **eenheetlecher Steierklass vu Januar 2028 un**. Eng grouss **Gesellschaftsreform**. Eng **familljefrëndlech Steierreform.**

- Eng Reform mat engem Volume vun **880 Milliounen Euro** dat éischt Joer. **Méi Netto vum Brutto** fir d'Leit.

- Dobäi komme **méi Familljenzoulage fir d'Kanner an** déi **automatesch Indexéierung.** Net just fir d'Kannergeld.

- Als **Deel** vum **nationalen Aktiounsplang géint d'Aarmut.**

- Aleng fir d'Kannergeld kommen 2027 zousätzlech **152 Milliounen Euro** bei. Jee no Alter vum Kand sinn dat 540 respektiv 720 Euro méi am Joer.

- **Ronn 85.000 Euro pro Kand bis 18 Joer**. Eng **10.800 Euro méi** wéi haut. **Bedeitend méi Suen**.

- **Gesamtausgaben** vun **1,3 Milliarden** fir **d'Kannergeld** 2027**.**

- Donieft och **méi Aschoulungszouschlag** an eng **véiert Tranche vun der Gebuertszoulag**.

- Viraussichtlech **Gesamtausgaben** vun 1,8 Milliarden Euro duerch **d'Zukunftskeess**.

5.1.3. Fir déi sozial Schwaach.

- **„Fir d'Leit. Fir Opschwong**." heescht och déi **sozial Schwaach an d'Mëtt eropzéien.**

- Aarmut bleift fir eis **inakzeptabel**.

- Duerfir 47% vum **Budget fir sozial Transferten.**

- Duerfir **vereinfache mir d'Hëllefen.** A **verbesseren den Zougang**.

- **D'Allocation de vie chère**, **d'Energieprimm**, **d'Hëllef fir eeler Leit** an **d'Subventioun fir Stéit mat klengem Akommes** ginn am **Complément de vie chère zesummegefouert**.

- Fir **106.000 Leit** verdeelt op **44.000 Stéit**. **Gesamtausgaben**: 184 Milliounen Euro.

- Mat och engem **neie Complément fir gutt 32.000 Kanner**. Fir **50 Milliounen Euro**.

- **311 Milliounen Euro** fir **d'REVIS Bezéier**. **91 Milliounen Euro** fir de **Revenu pour personnes gravement handicapées**.

- Nei och e **„One-Stop-Shop" fir Leit mat Behënnerung**. Eng Zort **Guichet unique** fir hinnen d'Liewe méi einfach ze maachen.

5.1.4. Educatioun a Kannerbetreiung

- ***Här President,***

- D'**Kanner** sinn **eis Zukunft**.

- All **6ten Euro,** dee mir ausginn, geet duerfir an **d'Schoul an an d'Kannerbetreiung.**

- **Am Ganzen 5,2 Milliarden Euro fir 2027**. Ee Plus vu ronn 10% op ee Joer.

- Mir verbesseren den **Zougang zu de Betreiungsstrukturen** a passen de **Betreiungsschlëssel** un. Nieft méi **Subventioun fir d'Assistants parentaux**.

- Alles an allem **Käschte fir d'Kannerbetreiung** vun **1 Milliard Euro**. Ee Plus vu ronn 19%.

- De **gratis Museksunterrecht** ënnerstëtzt de Staat mat ronn **80 Milliounen Euro**.

5.1.5. Fir d'Studenten an Doktoranden

- Och eis **Studente profitéieren.** Well **et geet net duer auslännesch Talenter unzezéien.** Mir musse **selwer méi ausbilden.**

- **185 Milliounen Euro** fléissen an déi reforméiert **Studentebourse**. A 5 Milliounen Euro fir déi nei **Doktoranden**-Hëllef.

5.1.6. Aarbecht

Här President,

- Wann eppes fir **sozialen Zesummenhalt** steet, dann ass et d'**Aarbecht**.

- **Mä d'Aarbechtswelt verännert sech séier.** Och duerch **nei Technologien a Kënschtlech Intelligenz.**

- **Duerfir moderniséiere mir eis Beschäftegungspolitik. D'ADEM geet mat der Zäit**. Gesamtbudget: 83 Milliounen Euro.

- Een neie **KI-Programm** soll hëllefen de **Kompetenzbedarf** vu muer besser ze gesinn.

- Woubäi och an Zukunft **Aarbecht sech lounen muss. All Aarbecht.**

- De **Brutto-Mindestloun** klëmmt ëm **3,8% op den 1. Januar 2027.**

- Mam méi **héije Steierkredit** huet de Mindestlounbezéier domat ab dem 1. Januar **180 Euro méi**. Insgesamt **200 Euro** méi vu **Juli 2027** un. **Gesamt-Steierkäschtepunkt** fir dëse Steierkredit vun **212 Milliounen Euro** 2027.

- **D'Staats-Bedeelegung un der Mutualité des Employeurs** klëmmt op 370 Milliounen Euro – ouni Mindestloun-Ausgläich. **2019** waren et 77 Milliounen Euro.

- Mä eise **Chômage** ass ze **héich**.

- Duerfir klëmmt de **Beschäftegungsfong** op bal **1,5 Milliarden Euro 2027**. Ee Plus vun 206 Milliounen Euro.

- Mat **Schwéierpunkt** op der **Beschäftegung**.

- **45 Milliounen Euro** fir d'Bekämpfung vum **Jugendchômage**.

- **740 Milliounen Euro** fir **Beschäftegungsmoossnamen.**

- A gutt **50 Milliounen Euro fir d‘Formatioun**.

5.1.7. Kultur

Här President,

- Sozialen Zesummenhalt leeft och iwwer **Kultur a Sprooch.**
- Dëst virun allem mam **nationale Plang fir den Zougang zur Kultur**.

- Mir investéieren och an **eis Sprooch**. Lëtzebuergesch verbënnt.

- **2027** gëtt och den **200. Gebuertsdag vum Michel Rodange gefeiert.**

- Mam **Auteur vum Renert** feiere mir **eis Sprooch. Eis Kultur. Eist Land. Eise Mateneen.**

- D’Mëttel vum **Zenter fir d’Lëtzebuerger Sprooch** ginn an d’Luucht. Op **3,6 Milliounen Euro**. Ee Plus vun 9%.

5.1.8. Sport

- Nieft der Kultur investéiere **mir an de Sport. Virop an eis Veräiner**.

- De **Basis-Subside an de Subside Qualité+ klammen** ëm 1,4 Milliounen Euro. 6,4 Milliounen Euro insgesamt.

- Da stäerke mir och eisen **Héichleeschtungssport** an den entspriechenden **Institut**. Mat 6,1 Milliounen Euro 2027.

- **9,4 Milliounen Euro** och fir de **nationalen Institut fir physesch Aktivitéit a Sport**. +1 Millioun Euro.

5.2. Ee Budget fir méi a besser Infrastrukturen

- **„Fir d'Leit. Fir Opschwong**." heescht och **méi Invest** an **eis Infrastrukturen** an an **eng Wunneng fir jiddereen**.

- Eist **Land wiisst**, eis **Infrastrukture musse matwuessen**.

5.2.1. Méi Wunnengsbau

- Dat gëllt besonnesch beim **Wunnengsbau: eist gréisste Suergekand. Eng absolut Prioritéit.**

- Duerfir hu mir de **Booster fir de Wunnengsbau** opgeluecht.

- E **Booster fir méi Investitiounen**.

- Duerfir, **manner Enregistrement** fir de Keefer.

- De **Bëllegen Akt** klëmmt op 45.000 Euro pro Persoun. 50% méi wéi nach 2023.

- Den **Enregistrement** rechne mir **just um Terrain** beim **Kaf vun engem Neibau wou** bis zu 80% fäerdeg gestallt sinn.

- Méi **Locatiounswunnenge** mam **neien Amortissement accéléré. Ouni Luxus** ze bezuelen. **No der 3x6-Reegel.** 6% op 6 Joer, limitéiert op ee Wunnengspräis vu 600.000 Euro.

- Méi **soziale Wunnengsbau.** Mat engem neie reduzéierten **TVA-Saz vun 8%.** Gebonnen u **kloer Krittären**.

- Méi **héich individuell Wunnengs-Bäihëllefen**. Gezielt fir déi **Jonk bis 35 Joer**.

- Mat enger **Zëns-Subventioun** bei engem **Prêt bis 300.000 Euro fir Éischtkeefer ënnert 35 Joer ouni Kanner**. Bis zu **370.000 Euro bei Famillje mat Kanner**. Wichteg an engem Moment wou d'Zënsen nees unzéien.

- **Schwong** och well de **Staat direkt an de Bau** investéiert.

- Mat engem **VEFA-Opkafprogramm vu 480 Milliounen Euro** fir d'Joren 2024-2027.

- Stand September **Zousoe fir ronn 460 Milliounen.** Fir de Kaf vun **844 Haiser an Appartementer**.

- Mat **zousätzlechem Invest an de VEFA-Opkafprogramm**. **300 Milliounen Euro** iwwert déi nächst Joren. Och **Deeler vu Wunngebaier** kënnen esou kaf ginn.

- Am Ganzen **2,5 Milliarden Euro Invest** tëscht 2027 an 2030 **iwwer de Spezialfong fir abordabele Wunnengsbau**.

- **Mat Bedeelegungen** u **Projete fir erschwéngleche Wunnengsbau** iwwer d'**Aides à la pierre**.

- Dorënner **154 Milliounen Euro 2027** fir **d'Projete vum Fonds du logement.** Ënnert anerem zu Wooltz, zu Diddeleng, zu Esch oder zu Biwer.

- Fir **d'Société nationale des habitations à bon marché.** Nach eemol gutt 58 Milliounen Euro.

- Fir **d'Roud Lëns zu Esch an aner Gemenge-Projet'en**. 77 Milliounen Euro.

- A fir **privat Initiativen.** Nach eemol 102 Milliounen Euro.

- Fir **d'Ëmsetze vum „Pacte logement 2.0"** mat eise **Gemengen**. 69 Milliounen Euro.

- **Schwong** och iwwert eisen **Housing Bond.** Ee **Staatsemprunt** vun **250 Milliounen Euro**.

- Sou wéi schonn den Defence Bond. **Ouni Zënsbesteierung** an **zougänglech fir all Bierger**.

5.2.2. Méi Mobilitéit

Här President,

- Dëse Budget mécht **d'Leit och méi mobil.**

Schinn an Tram

- Mir **investéieren** duerfir **weider an d‘Schinn**. Sou vill wéi keen anert Land laut Allianz pro Schiene.

- **825 Milliounen Euro** iwwert de **Fonds du rail 2027**.

- **1,2 Milliounen Euro pro Kilometer Schinn**.

- 47 Milliounen Euro fir **d’Gare zu Beetebuerg**.

- Nach eemol 30 Milliounen Euro fir déi **nei Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg.**

- 19 Milliounen Euro fir de **Pôle d’échange** zu **Hollerech**.

- 11 Milliounen Euro fir **d’Stater Gare** an de Réaménagement vun der **« Tête ouest ».**

- 8,5 Milliounen Euro fir de **Pôle d’échange zu Ettelbréck**.

- **66 Milliounen an den Tram.** Net méi wech ze denken aus dem Stadbild.

Bus

- Gläichzäiteg **investéiere mir 2027 och zolidd an de Bus.**

- 289 Milliounen Euro fir den **RGTR-Réseau**. 66 Milliounen Euro fir de **Schoultransport**.

- 60 Milliounen Euro fir de **Syndicat mixte TICE**. An nach eemol 30 Millioune fir **de Busservice vun der Stad**.

- Aneschters gesot: insgesamt bal **1,2 Milliounen Euro den Dag**.

Stroosseverkéier

- **Mobilitéit** ass e **Mix an e Choix**. **D'Hallschent** vun de **Weeër** gi mam **Auto** gemaach.

- Mat ronn **633.000 Gefierer** zu Lëtzebuerg. Quasi **ee fir all Awunner.**

- Duerfir **stäerke** mir och eist **Stroossennetz**.

- Insgesamt **532 Milliounen Euro** Investitiounen iwwert de **Fonds des routes** am Joer 2027.

- Deels fir Stroossen op déi **d'Leit scho laang waarden. Ënnert anerem:**

- **D'Beetebuerger Kräiz** : 45 Milliounen Euro.

- De **Contournement vun Housen** : 30 Milliounen Euro.

- De **Contournement vu Bascharage :** 20 Milliounen Euro.

- **D'Sécherung vun der N7** tëscht dem Friedhaff a Wäiswampech: 10 Milliounen Euro.

Flughafen

- **Och iwwert de Wolleke stäerke** mir eis **Mobilitéit.** Mat engem **direkte Vol an Amerika**. Op New York.

- Mat dem **Ausbau vum Findel**. Eis eenzeg Baussegrenz.

- Duerch eng **Kapitalerhéijung vu Luxairport**. 50 Milliounen nach dëst Joer. Eng zweet Tranche 2029.

- Mat engem **neie Kontrolltower**: 35 Milliounen bis 2030.

- Mat engem neien **Tanklager fir d'Fligerei**: 54 Millioune bis 2028.

5.2.3. Fir méi Digitaliséierung

Här President,

- **Modern Autobunne** sinn **haut och Daten-Autobunnen**.

- Mir **investéiere weider an d'Digitaliséierung**.

- Mat **Ausgaben an d'Digitalisatioun** vun 1,4 Milliarden vun 2027 bis 2030.

- Fir 2027 eleng **339 Milliounen Euro**. Ee Plus vun 12%.

- **225 Milliounen Euro** eleng duerch eisen **Technologie- an Informatiouns-Zenter CTIE**.

- **Grad** am **Digitale** gëllt. **Méi Service**. **Méi einfach, méi intuitiv Léisungen**.

- Mat **vereinfachten administrativen Demarchen** iwwer MyGuichet.lu.

- Mat **méi Sécherheet** duerch e **verbesserte Warnsystem LU-Alert. Ronn 73 Milliounen Euro** fir den **neien RENITA.**

- **Matenee** wëlle mir esou **méi Vertrauen an Akzeptanz** fir digital Servicer schafen.

5.2.4. Fir eng besser Gesondheetsversuergung

- **Ouni Gesondheet ass alles näischt.**

- Mir wëllen ee **Gesondheetssystem** deen **zougänglech ass**. Duerfir investéiere mir massiv an **eis Gesondheetsinfrastrukturen. Mam Patient am Mëttelpunkt.**

- D'Ausgabe vum **Spidolsfong** klamme vun 234 Milliounen Euro dëst Joer op **471 Milliounen Euro 2030**. +101%.

- Zu de gréissten Investitiounen zielen dat **neit Gebai vum CHL**, den Ausbau vun der **Neonatologie vun den Hôpitaux Robert Schuman** an déi nei **Zithaklinik an der Stad**.

- Geplangt ass weider eng **Moderniséierung vun** der **Policlinique zu Nidderkuer** an eng **nei Rehaklinik.**

- Fir **méi no um Patient** ze sinn, entstinn **nei Antennen** fir ambulant Soin‘en an der **Dermatologie.** An an der **Ophtalmologie, z.B. op der Cloche d'or.**

- De **Kader fir d'Doktere wärend hirer Spezialisatioun gëtt méi attraktiv.** Hir **Indemnisatioune** klammen. Käschtepunkt: 18,5 Milliounen Euro d'Joer bis 2030.

- D‘**Offer op der Uni Lëtzebuerg** gëtt ausgebaut.

- Nieft de bestoende Formatiounen entstinn nei Spezialisatiounen an der **Pediatrie,** an der **Psychiatrie** an an der **Psychotherapie fir Kanner.**

- Gläichzäiteg **vernetze** mir eis **Spidäler besser**. Duerch méi **Digitaliséierung** an duerch eng **gemeinsam Akafszentral.** Zesummen een Invest fir 12 Milliounen Euro.

5.2.5. Kuerzfristeg méi Schoulgebaier

Här President,

- Ronn **120.000 Schüler** drécken heiheem **d’Schoulbänk**. An d‘Tendenz geet weider **no uewen**.

- **Schoul** ass virun allem **Know-How**.

- Mä Know-How brauch och **een Doheem**.

- Duerfir investéiere mir **kuerzfristeg a weidere Schoulraum.** Séier a pragmatesch.

- Mat neie **modulare Strukturen** fir de **Lycée technique zu Ettelbréck**, de **Lycée Josy Barthel zu Mamer**, de **Lycée Anne Beffort zu Miersch** an den **ECG an der Stad**.

- **34,8 Milliounen Euro a Plaz fir 1080 Schüler.**

- Mëttelfristeg kommen eng **nei Europaschoul zu Réiden,** den Ausbau vun de **Lycéeën** zu **Miersch** an **Déifferdeng-Esch** an een neie Lycée zu **Schëffleng** derbäi.

5.3. Ee Budget fir ee wettbewerbfäegt Lëtzebuerg

Här President,

- Fir d'Leit. Fir Opschwong. Dat heescht och **mat eise Betriber wuessen.**

- Ee staarke Sozialstaat brauch **staark Betriber.** Duerfir stäerke mir **eise Standuert**.

5.3.1. Finanz- a Wirtschaftsdiplomatie

- **Opschwong** muss ee **siche goen**.

- Duerfir baue mir eis **diplomatesch a wirtschaftlech Präsenz** an der Welt aus.

- De **Budget vum Ausseministère** klëmmt vun 183 Milliounen op 213 Milliounen Euro 2027.

- Nei Missioune kommen ënner anerem zu **Nairobi an Austin** bei. Weider Standuerter sinn 2028 zu **Hong Kong, Pretoria, Sao Paulo a Mumbai** geplangt.

5.3.2. Finanzplaz

- **E**is **Finanzplaz** ass den **zentrale Motor vun eiser Wirtschaft.** Mir **investéiere konsequent an dëse Motor.**

- A verdéiwe gezielt eis **Relatioune** mat den USA, **Südamerika**, **China, Indien, Singapur a Japan.** An och mat **Australien**.

- An och de Noen Oste gewënnt u Bedeitung. Duerfir bedeelegt Lëtzebuerg sech un der **Weltausstellung 2030** zu **Riad**.

5.3.3. Steierpolitik

- **Standuertpolitik** heescht awer och: **attraktiv bleiwe fir Talenter an Investitiounen**. D'Konkurrenz schléift net.

- Duerfir hu mir den **Expat Regimm** moderniséiert, d'**Bedeelegungsprimm** erweidert an nei Reegele fir de **Carried Interest Regimm** geschaf. Net ze vergiessen d'**Jobstarter-Primm**, d'**Wunngeld-Primm** fir Jonker an e neie **Steierkredit fir Start-ups**.

- 2027 kënnt och ee **klore Rechtskader fir d'Stock Options**. Fir innovativ Betriber.

- Mir ënnerstëtzen Investitiounen. Net Spekulatioun. **D'Dauer fir d'Steierbefreiung op der Plus-value** bei Aktieverkeef gëtt **op 12 Méint ropgesat**.

- Fir de Standuert weider ze stäerken geet d'**Kierperschaftssteier 2027** ëm **1%-Punkt erof.**

- Vu **16% op 15%** fir grouss Betriber. Vu **14% op 13%** fir kleng a mëttelgrouss Betriber.

- **Gläichzäiteg gëtt d'Limitt** fir dëse méi niddregen Taux **vun 200.000 op 250.000 Euro eropgesat.**

- **D'Bonification d'impôt fir Investitiounen** an déi digital an **energeetesch Transitioun** gëtt erweidert. Den Taux geet vun 18 op 21% rop.

- Donieft gëtt de **maximalen Délai vu 17 Joer** fir **d'Weiderschreiwe vu Verloschter** ofgeschaaft.

- Jo, Standuertpolitik huet e Präis. Mä **Opschwong** gëtt et **net zum Nulltarif.**

- **A scho guer net duerch méi Belaaschtung.**

5.3.4. Mat Investitiounen an Zukunftstechnologien

Här President,

- Mir **moderniséiere Lëtzebuerg fir muer.**

- Mat Investitiounen an **Data, Kënschtlech Intelligenz a Quantentechnologien**.

- Dozou gehéiert den **DeepTechLab fir 115 Milliounen Euro** bis 2030.

- Mir wëlle **méi séier vum Labo op de Maart**. An **Zesummenaarbecht** mat der **Uni**, dem **Technoport** an eisem Supercomputer **Meluxina**.

- Virun allem awer mat enger **nationaler KI-Strategie fir eis digital Souveränitéit bis 2030.**

- Eng **KI am Déngscht vum Mënsch**. Net ëmgedréint.

- D‘Projet’en an engem Gesamtvolume vun aktuell **284 Milliounen Euro** reeche vun enger **Cybersécherheets-Factory** iwwer eng **KI fir e nohaltege Weltraum** an engem **Chatbot fir d’Bierger** bei Gesetzesfroen.

- Donieft investéiere mir **2,2 Milliarden Euro an de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg an an eis Uni.**

5.3.5. Space-Secteur

- Och de **Weltraum** ass **strategesch wichteg**.

- Fir Lëtzebuerg an Europa.

- Mam **Space Test Center op der Kockelscheier** investéiere mir kuerzfristeg 113,7 Milliounen Euro fir **d’Entwécklung vun neie Weltraumtechnologien.**

- Och eis **Bedeelegung um europäeschen IRIS2-Satelitteprojet** féiere mir weider.

- Ee vun den 3 **Kontroll-Zentren soll hei zu Lëtzebuerg** entstoen. Käschten : 16,4 Milliounen Euro.

5.3.6. Mat méi Ënnerstëtzung fir eis PME an d'Handwierk

- Grad an Zäite vun KI an Digitaliséierung bleiwen eis **kleng a mëttel Betriber an eist Handwierk d'Réckgrat** vun eiser **Wirtschaft**.

- Duerfir gëtt **d'Betribs-Transmission iwwer Schenkung** an **direkter Linn** oder un de Partner **steierfräi**. Fir esou hir Zukunft ofzesécheren.

- Mam „**Handwierkerhaff" zu Diddeleng** um fréiere Site vu Liberty-Steel schafe mir nei a modern Infrastrukture fir d'Handwierk. Käschte: méi wéi 12 Milliounen Euro 2027.

- Mir investéieren och an **d'Ausbildung**. **D'Indemnitéite fir d'Léierzäit** ginn **erop**. Dat mécht d'Handwierk erëm méi attraktiv. Käschten: +5 Milliounen Euro 2027.

- Donieft **Kapitalsubventiounen** vu 25,5 Milliounen Euro d'Joer fir eis **kleng a mëttel Betriber**.

- Och PME'en brauche Plaz.

- Duerfir entwéckele mir eis **wirtschaftlech Aktivitéitszonen** och zesumme mat de Gemenge weider. Laangfristeg sinn hei 183 Milliounen Euro virgesinn.

5.3.7. Landwirtschaft

- Och eis **Landwirtschaft ass strategesch**.

- **Keng Liewensmëttel-Sécherheet** ouni eng staark Landwirtschaft.

- Duerfir **klëmmt eisen Invest** an d'Landwirtschaft vun **225 op 242 Milliounen Euro.**

- Fir **d'Veraarbechtung an d'Vermaartung Gesamthëllefe vun 59 Milliounen** Euro tëscht 2026 an 2030.

5.4. Ee Budget fir een nohaltegt Lëtzebuerg

- „**Fir d'Leit. Fir Opschwong.“ geet nëmmen nohalteg.**

- De **Klimawandel** hu mir **alleguer am Summer** gespuert.

- Dofir brauche mir eng **ambitiéis Klima- an Ëmweltpolitik.**

- Mä och hei gëllt: **mir huelen d'Leit mat.**

5.4.1. Fir méi Klima- an Emweltschutz

- **Mir stäerken den Ëmweltschutzfong** mat 90 Milliounen Euro.

- Fir **nei Ressourcenzenteren**, **den Naturpakt** mat de Gemengen a **Kompensatiouns-Moossnamen.**

- Weider 97 Milliounen Euro fir de **Waasserschutzfong**. Ënner anerem fir **nei Kläranlagen**.

- Mir huelen och eis **Landwirtschaft mat an d'Boot**. Sie ass Deel vun der Léisung.

- **6,5 Milliounen Euro** fir den Erhalt vun der **Biodiversitéit**.

5.4.2. Fir méi Energietransitioun

- Fir d'Ëmsetzung vum **nationale Klima an Energieplang** 14,4 Milliarden Euro iwwer déi nächst 4 Jore virgesinn. **3,2 Milliarden Euro 2027**.

5.4.3. Nohaltegt Wunnen

- Nohaltegkeet fängt och Doheem un**.**

- Mir **verlängeren duerfir de Klimabonus Wunnen** bis 2035.

- Vum 1. Januar 2027 u finanzéiert de Staat och **Wärmepompelen an déi energeetesch Sanéierung vir.** Wéi scho bei de Photovoltaikanlagen.

- Ronn 83 Milliounen Euro fléissen an d'**Photovoltaik**, 19 Milliounen Euro a **Wärmepompelen** an 15,5 Milliounen Euro an energeetesch **Sanéierung** an Energieberodung.

- Nohalteg Liewen a Klimaschutz däerf **keng Fro vum Portmonni** sinn.

5.4.4. Nohalteg Mobilitéit

- Och de **Klimabonus Mobilitéit** gëtt bis Mëtt 2030 **verlängert**.
- Insgesamt stinn **69 Milliounen Euro** fir **Elektro-Autoen** iwwer de Klima an Energiefong zur Verfügung.

- Mam **soziale Leasing** maache mir Elektromobilitéit och fir méi kleng Akommes zougänglech. 14,5 Milliounen Euro si fir 2027 virgesinn.

- Och bei de Stroumpräisser hëlleft de Staat.

- 120 Milliounen Euro **fléissen an de Kompensatiouns-Mechanismus**. Nieft 150 Milliounen Euro fir **Stroum-Netz-Käschten**.

- Also eng **Klimapolitik, déi CO_2 reduzéiert** – an **net d'Kafkraaft.**

5.5. Ee Budget fir ee staarke Staat a méi Sécherheet

- "**Fir d'Leit. Fir Opschwong."** geet just mat engem **stabille, staarken a séchere Staat.** Och ee Staat deen de Leit gutt Déngschtleeschtunge bitt.

- **D'Vertrauen an de Staat** ass eng Grondlag vun **eiser Demokratie**.

- Mir setzen duerfir weider op ee **staarken ëffentlechen Déngscht.**

- Dat dréckt sech och an **de Personalkäschten** aus: 5,5 Milliarden Euro am Joer 2027. Ee Plus vun 460 Milliounen Euro.

5.5.1. Sécherheet

- Och bei der **Sécherheet** loosse mir **d'Leit net eleng**.

- Eis nei **national Resilienzstrategie** stäerkt **d'Krisegestioun**, d'**Cyberesilienz** an eis **kritesch Infrastrukturen**.

- D'Ausgabe vum **Haut-Comissariat à la protection nationale** ginn ëm **2,3 Milliounen Euro** an d'Luucht.

- Ee staarke Staat muss funktionéieren – grad dann, wann et drop ukënnt.

5.5.2. Police

- **Fir d'Sécherheet am Alldag** ass virun allem eis **Police zentral**. Hire **Budget** klëmmt op ronn **600 Milliounen Euro**. Ee Plus vu 72 Milliounen Euro.

- **D'Police dat si** ronn **2.740 Polizisten**. **838 Zivilpersonal**. Elo fir 2027 **160 nei Posten**. Ee Plus vu 5%.

- Mir investéieren an **nei Equipementer, gepanzert Gefierer an Anti-Drone-Systemer**.

- **Keng Fräiheet ouni Sécherheet**. A keng Sécherheet **ouni Rechtsstaat**.

- Duerfir **stäerke mir och eis Justiz**.

- **Mat aktuell 348 Magistraten – bei 411 Posten**. Dobäi kommen zanter September **35 nei Attachéeën**.

- D'Ausgabe klammen op 209 Milliounen Euro.

- Och de **Prisongssystem** gëtt weider moderniséiert.

- Zu **Schraasseg** kënnt e **neie Bloc dobäi** an d'Personal gëtt verstäerkt. De **Prisongs-Budget** klëmmt vun 141 op 149 Milliounen Euro.

5.5.3. CGDIS

- **Grad esou wichteg** sinn an der Nout eis **Rettungsdéngschter**. A net just wann et brennt.

- Duerfir investéiere mir 2027 ronn **186 Milliounen Euro an de CGDIS**. Plus 18 Milliounen Euro.

- **Aktuell** zielt de CGDIS **789 Beruffspompjeeën**. **Fir 2027** soll dës Zuel op **837** klammen.

- Mat och enger **neier nationaler Reserve**. Fir de Gemengen am Noutfall ënnert d'Äerm ze gräifen. **RESC-LU** heescht dat. Fir **5 Milliounen Euro**.

- An et lafe **Gespréicher** fir d'Uschafung vu **Läschmaterial aus der Loft bei Vegetatiounsbränn**.

5.5.4. Sécherheet och an der Welt

- Mä Sécherheet hält net op der Grenz op. Mir **bleiwe solidaresch** mat eisen **Alliéierten**.

- Eisen **Effort de défense** klëmmt d'nächst Joer op **2,1% vum nationale Brutto-Akommes (RNB)**. Knapps 1,4 Milliarden Euro. **800 Milliounen Euro méi** wéi 2023. **Am Cumul** an de Joren 2024-2027, **ronn 4,6 Milliarden Euro**.

- Domat verbessere mir och d'Konditioune fir eis **Zaldoten.**

- Aktuell zielt d'Arméi **506 sougenannten „Militaires de carrière“** a **578 fräiwëlleg Zaldoten**.

- Eng Bezuelung op der Héicht vum **Mindestloun**. An eng **Prime de démobilisation**. Fir 40 Milliounen Euro.

- A mir **investéieren an hiert Material**. 674 Milliounen Euro iwwert de Fonds d'équipement militaire.

Dobäi siche mir ëmmer och de **wirtschaftleche Mehrwert fir Land a Leit.**

5.5.5. Entwécklungshëllef

- Mat dësem Budget kucke mir och iwwert **eisen eegenen Tellerrand** eraus.

- **Wäerter an Interessien** ginn **Hand an Hand. Entwécklungshëllef** ass och ee **Bäitrag zu Stabilitéit.**

- Mir halen duerfir um Ziel vun **1% vum nationale Räichtum** fest.
- An um **Prinzip vun der Additionalitéit** hale mir fest. Dat heescht, mir rechnen eis **international Klimafinanzéierung** an d'Ophuele **vu Flüchtlingen net** eraus. Insgesamt 898 Milliounen Euro 2027.

- **D'Entwécklungshëllef** bleift en **zentrale Pillier vun eiser Aussepolitik.**

- Als **Berechnungsbasis** huele mir den **RNB vum 1. Januar vum Joer**.

- Fir **méi Planungssécherheet**. Fir eis. Fir eis Partner.

6. Konklusioun

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären,

- Den **Edgar Morin** sot emol: **Am Mënsch stécht alles. Dat Bescht. An dat Schlecht.**

- Mat „**Fir d'Leit.“** setze mir **op dat Bescht am Mënsch**.

- Mat „**Fir Opschwong.“** setze mir **op dat Bescht am Land.**

- **Dëse Budget steet fir de Mateneen.**

- Dëse **Budget** steet fir **zolidd Staatsfinanzen.**

- Fir **Rekordinvestitiounen an d'Leit.**

- **Fir méi Kafkraaft. Fir besser Infrastrukturen. Fir Perspektive fir déi Jonk. Fir Aarbecht a Wuelstand**.

- Mir setzen dobäi **op Zouversiicht amplaz Angscht**. Op **Courage amplaz Fatalismus**.

- **Net op blannen Optimismus**, mä op e **Realismus**, deen **d'Problemer gesäit an léist**.

- Eis **Zouversiicht** ass **keng vum Prinzip Hoffnung**, mä vum Prinzip **Handelen**.

- Mir iwwerloosse Wuesstum, Zesummenhalt an eis Zukunft **net sech selwer**.

- Mir **schafen d'Konditiounen**, datt Lëtzebuerg och muer Chancen huet.

- Dësem **Muer** gi mir mat **virsichtegem Optimismus entgéint.** A mir **huele jidderee mat.**

- An der **Hoffnung**, datt eng **grouss Majoritéit** dëse **Wee och matgeet. Dobaussen.** An och **hei am Haus.**

- Fir dëse **Wee vum Mateneen steet dëse Budget**.

- **Fir d'Leit. Fir Opschwong.**

- An **zesumme packe mir dat.**

- ***Villmools Merci!***